Le caractère urgent de la question a été reconnu (12.03.2021)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3849

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 12:11, 12/03/2021

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Chambersreglement Art. 84), un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Polizisten hu vill Kontakt mat Mënschen an sinn domat engem besonnesch héije Risiko vun enger Covid-Ustiechung ausgesat. Och kënnt et permanent zu Ausfäll bei der Police wéinst Coronainfektiounen an den domat verbonnene Quarantänen. Deelweis gi Kommissariater dowéinst zäitlech begrenzt zougemaach.

An Däitschland kënnen sech aus deene Grënn d'Poliziste schonn deelweis zënter iwwer 2 Wochen impfe loossen. An Rheinland-Pfalz schonn zënter dem 25.2.2021.

Duerfir hunn ech folgend dréngend Nofro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Policeminister:

1) An wéi enger Stuf ass d'Impfung vu Polizisten aktuell virgesinn?
2) Zu wéi engem Datum ass dat aktuell virgesinn?
3) Ass d'Regierung net der Meenung dass Polizisten sech méi séier, éischter, sollte kënnen impfe loossen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten